

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2024

Här Claude WISELER  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„Nodeems de Staat d’Gebai vum Santésministère an der Darwinstrooss op der Cloche d’Or kaaft huet, wollte mir dem Här Finanzminister folgend Froe stellen:

- Wéi vill Loyeren a Chargen huet de Staat am Joer 2023 fir Gebaier an deene Ministère an Administratiounen dra si bezuelt?
- Ass de Staat an Zukunft drop ugewise fir weider Raimlechkeete fir seng Verwaltungen ze lounen oder versicht de Staat éischer op de Wee ze goe fir nei Gebailechkeeten ze kafe respektiv op sengen eegenen Terraine bauen ze loossen?
- Wéi vill Gebaier, déi dem Staat gehéieren oder vum Staat gelount ginn, stinn den Ament eidel?
- Wat gedenkt d’Regierung mat deene Gebaier ze maachen, déi aktuell eidel stinn?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten

Corinne CAHEN  
Deputéiert

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu